N°7066
Entrée le 06.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Joëlle Welfring, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7066 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen

Den Artikel 35 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* gesäit vir, datt d'Gemenge fir d'Gestioun vun de Schoulgebaier vum Enseignement fondamental verantwortlech sinn an an dësem Zesummenhang och fir déi néideg Sécherheet suergen. An der non-formaler Bildung (Maison relais a Crèche) läit dës Responsabilitéit beim Bedreiwer, deen an dësem Fall d'Gemeng selwer ass.

D'Juegdlegislatioun fält an de Kompetenzberäich vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an der Natur- a Bëschverwaltung (ANF). D'Jeeër musse Klappjuegte bei de Gemengen an der ANF mellen. Dëst ass nëmmen een Element aus dem groussherzogleche Reglement iwwert d'Sécherheet op der Juegd (*Règlement grand-ducal modifié du 13 mars 2015 déterminant les mesures de sécurité à respecter par les chasseurs et les tiers*). Et gëtt kee Sécherheetsperimeter ronderëm Gebaier wärend enger Juegd. D'Juegd selwer dierf allerdéngs net op engem bebauten Terrain stattfannen.

D'Gemeng Déifferdeng kennt d'Datumer vun de Juegten an der Ëmgéigend, sou datt d'Léierpersonal am Virfeld informéiert ka ginn. An dësem Fall huet d'Gemeng Déifferdeng dem Schoulservice recommandéiert, datt d'Schüler, d'Schoulpersonal, esou wéi och d'Kanner an d'Personal aus der Maison relais an der Crèche déi Deeg, op deenen eng Klappjuegd an deem Bësch annoncéiert gouf, an deem och d'Gebailechkeete vum Kannerbongert sinn, een Ausflug maachen. D'Regionaldirektioun vun Déifferdeng an déi betraffe Bildungs- a Betreiungsstrukturen hu sech dëser Recommandatioun alignéiert, esou datt den entspriechenden Ausflug organiséiert ginn ass an d'Elteren heiriwwer informéiert goufen.

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH